ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Februar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Vum 1. Mäerz u gëtt den Adapto-Service, zesumme mam gesamten ëffentlechen Transport, gratis. An deem Kontext mussen déi Leit, déi weiderhin den Adapto-Service an Usproch huelen, en neit Abonnement ofschléissen. Laut Pressematdeelung vum Mobilitéitsministère hate bis de leschten Donneschdeg 1.356 Lett eng nei Kaart ugefrot.

An dësem Kontext géif ech gär déi folgend Fro un den Här Minister riichten:

- Wéi vill vun deenen 1.356 Demandë goufe refuséiert?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten